



La Ministre

Luxembourg, le 6 avril 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n°1969 du 4 mars 2020 de l'honorable Député Sven Clement concernant la ligne éditoriale pour les bulletins communaux

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Gemeinsam Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Här Kommunikatiouns- a Medieminister, Xavier Bettel, op déi parlamentaresch Fro n° 1969 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement iwwer de Gemengebuet.

D'Haaptinformatiounsquelle vun der Bevëlkerung iwwer d'Gemenge sinn normalerweis den Internetsite an de Gemengebuet. Gesetzlech gereegelt ginn et donieft och nach de classeschen oder den elektronische Raider, d'Recht op Consultatioun vum Délibératiounsregister vum Gemengerot an op d'Publikatioun oder d'Kommunikatioun vun administrativen Dokumenter op Basis vum Gesetz vum 14. September 2018 iwwer *d'administration transparente et ouverte*. Ausserdeem kommunizéieren eng ganz Rei Gemengen op de soziale Medien, oder iwwer elektronesch Déngschter ewéi sms2citizen, eng App asw.

Fro 1.

Dat ofgeännert Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 erwähnt de *"...bulletin communal distribué périodiquement à tous les ménages"* am Artikel 82, reglementéiert en awer net. De Gemengerot kann dat awer am *règlement d'ordre intérieur* maachen.

Fro 2.

Mir hu keng Kenntniss vun Inhalter déi d'Dignitéit vum Mënsch verletzen. Beim Gemengebuet handelt et sech ëm eng Publikatioun wouvunner d'Gemengenautoritéiten den Editeur sinn a woufir si och d'Verantwortung droen. Dofir si mir zouversiichtlech, dass de Gemengebuet net mëssbraucht gëtt fir Inhalter, déi d'Dignitéit vum Mënsch verletzen, un d'Ëffentlechkeet ze bréngen. Sollt dat trotzdem emol de Fall sinn, da wäerten eventuell strafbar Faiten dem Parquet matgedeelt ginn, esou wéi et eis Flicht ass.

Fro 3.

D'Gemengepublikatiounen, respektiv d'Informatioun an d'Kommunikatioun, sinn e Sujet deen am Kader vun der Reform vum Gemengegesetz och schonns undiskutéiert gouf. Sollt vum Secteur de Wonsch geäussert ginn, zesummen esou ee "Leitfaden" ze erstellen, verschléisse mir eis deem net. Aktuell ass dëst awer nach net de Fall gewiescht.

Fro 4.

D'Legislatioun vum Gemengesecteur gesäit keng speziell Critère fir de Contenu vum Gemengebuet vir. D'Gesetz iwwer *d'liberté d'expression dans les médias*, mat ënner anarem Dispositiounen betreffend *d'Protection de la réputation et de l'honneur an och engem Devoir d'exactitude et de véracité*, applizéiert sech op de Gemengebuet wéi och op all aner Publikatioun.

Fro 5.

Eng Reglementatioun ass net prinzipiell ausgeschloss, muss awer kompatibel mat der Gemengenautonomie sinn.